LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 15 avril 2021

REÇU
Par Alff Christian , 11:26, 16/04/2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet:** **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°3950 posée le 25 mars 2021 par l'honorable Député Monsieur Jeff ENGELEN et concernant les conditions de livraison des vaccins contre le COVID-19.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, a vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°3950 vum 25. Mäerz 2021 vun dem honorabelen Här Deputéierten Jeff ENGELEN iwwert d'Liwwerung vun Impfdosen am Kontext COVID-19.**

1) D'Europäesch Kommissioun huet Virverkafsverträg mat 6 Entwéckler vu COVID-19 Impfunge gemaach fir en gesamt Montant vun 2,6 Milliarden Dosen déi wéi follegt opgedeelt sinn:

- 600 Milliounen Dosen vun Comirnaty (BioNTech-Pfizer),
- 460 Milliounen Dosen vun Vaccine Moderna,
- 400 Milliounen Dosen vun Vaccine AstraZeneca,
- 400 Milliounen Dosen vun Vaccine Janssen (Johnson & Johnson),
- 405 Milliounen Dosen vum Kandidat-vaccin vun CureVac,
- 300 Milliounen Dosen vum Kandidat-vaccin vun Sanofi-GSK.

D'Europäesch Kommissioun ass och am gaangen virleefeg Diskussioune mat Novavax a Valneva ze feieren fir bis zu 200 Milliounen respektiv 60 Milliounen Dosen COVID-19 Impfung ze kafen. D'Kommissioun huet viru kuerzem och annoncéiert, dass Verhandlungen ugefaangen hunn mat BioNTech-Pfizer fir en zousätzlechen Kontrakt, deen et giff erlaben, bis zu 1,8 Milliarden Dosen Impfstoff fir déi europäesch Länner sécherzestellen.

D'Konditiounen an d'Modalitéiten fir d'Verdeelung vu COVID-19 Impfungen kënnen op der Websäit vun der europäescher Kommissioun opgeruff ginn: Questions and answers on COVID-19 vaccination in the EU | European Commission (europa.eu).

2) Bis haut huet de Lëtzebuerger Staat sech kontraktuell dozou engagéiert 1.887.605 Dosen Impfstoff ze kafen déi wéi follegt verdeelt sinn :

- 675.290 Dosen vum Impfstoff vun BioNTech-Pfizer,
- 210.462 Dosen vum Impfstoff vun Moderna,
- 415.048 Dosen vum Impfstoff vun AstraZeneca,
- 276.156 Dosen vum Impfstoff vun Johnson & Johnson,
- 310.649 Dosen vum Impfstoff vun CureVac.

D'Konditiounen an d'Modalitéiten fir d'Liwwerungen vun den Impfstoffer an den EU-Memberstaaten, Lëtzebuerg mat abegraff, sinn an den accords d'achats anticipés définéiert déi ënnert folgendem Link opruffbar sinn : https://ec.europa.eu/info/live-work-travel-eu/coronavirus-response/public-health/eu-vaccines-strategy_en#documents

3) Ofhängeg vum Kontrakt, am Fall vu Verspéidungen oder Feeler bei der Liwwerung kann de Staat kontraktuell Bestellungen annuléieren, Bezuelungen erofsetzen oder récupéréieren, an an alle Fäll e Recours duerch d'Europäesch Kommissioun bei de belsche Geriichter maachen.

4) De Staat wäert dofir suergen, datt zousätzlech Dosen vun COVID-19 Impfungen kaf gi fir déi disponibel Quantitéiten un Impfstoff ze erhéijen.